adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 AVR. 2018
3779

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Op de soziale Medien ass mat vill Opreegung kommentéiert ginn, datt Leit an enger Aarbechtsbeschafungsmoossnam, déi am Hëllefs-, Fleege- oder Sozialsecteur schaffen, vum Kollektivvertrag ausgeschloss gi sinn. Et geet hei ëm déi Leit, déi iwwer de SNAS (Service national d'action sociale) vermëttelt an iwwer de Fonds national de Solidarité bezuelt ginn (inklusiv dem Patron sengem Undeel un de Sozialabgaben). Ronn 1.500 Leit sinn an esou enger Moossnam, dovu ronn 400 an dësem Secteur.

An enger Circulaire un all Organismen, bei deenen iwwert de SNAS RMG-Bezéier vermëttelt gi sinn, rappelléiert de SNAS, datt déi Leit déi nämmlecht Rechter a Flichte sollen hunn, wéi déi Leit, déi do ugestallt sinn. De SNAS féiert ausdrécklech als Ausnam op:

„Les organismes tombant sous le champ d'application de la Convention collective de travail pour les salariés du secteur d'aide et de soins et du secteur social (CCT SAS), entrée en vigueur le 1ier octobre 2017 et dont l'article 3 « champ d'application » précise qu'elle ne concerne pas « les bénéficiaires d'une mesure d'insertion ou de réinsertion professionnelle ».“

An engem groussherzogleche Reglement vum 28. Oktober 2017 huet den Här Aarbechtsminister deen uewe genannte Kollektivvertrag a säin Avenant „d'obligation générale“ deklaréiert. Mee déi Leit, déi iwwer de SNAS vermëttelt goufen an déi net am Genoss vun engem gläichwäertegen oder besseren Aarbechtsvertrag oder Statut sinn, bleiwe vun de Virdeeler vun deem Vertrag ausgeschloss, z.B. beim Congé.

An deem Kontext wollt ech dem Här Aarbechtsminister dës Froe stellen:

1) Ass den Här Minister sech bewosst, datt dës Leit duerch den Ausschloss vum Kollektivvertrag vum Secteur (CCT SAS) méi schlecht Aarbechtskonditioune kréie wéi d'Salariéë vum Hëllefs-, Fleege- a Sozialsecteur?

2) Ass den Här Minister sech och bewosst, datt si domat eventuell méi schlecht gestallt gi wéi aner RMG-Empfänger, déi an dëser Moossnam an anere Secteure beschäftegt sinn?
3) Wéi gesäit den Här Aarbechtsminister dës Exklusioun vum Kollektivvertrag ënnert den Aspekter vum Prinzip „Gläich Pai fir gläich Aarbecht" a vun der Net-Diskriminéierung?
4) Am Art. L. 252-3 (2) vum Code du Travail ginn ausdrécklech Dispositiounen erlaabt, déi d'Aglidderen an d'Aarbechtswelt vu Leit mat enger Behënnerung oder mat reduzéierter Aarbechtsfäegkeet erliichteren. Ass dës Exklusioun net just de Konträr vun esou enger Dispositioun?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 25 avril 2018

Objet : Question parlementaire n° 3779 du 25.04.2018 de Monsieur le Député Gast Gibéryen - Convention collective de travail pour les salariés du secteur d'aide et de soins et du secteur social

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Réf.: NS /NW/mt/2018/qp 3779/ transmis SCL

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 MAI 2018

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement
Service Central de Législation
L-2450 LUXEMBOURG

Luxembourg, le 18 mai 2018

Concerne: Question parlementaire N°3779 de l'honorable Député Gast Gibéryen concernant la convention collective de travail pour les salariés du secteur d'aide et de soins et du secteur social

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Nicolas SCHMIT
Ministre du Travail, de l'Emploi et
de l'Economie sociale et solidaire

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. : 247-86244
Fax : 247-86325
Adresse postale
L-2939 Luxembourg
Michele.toussaint@mt.etat.lu
http://www.mt.public.lu

Äntwert op d'Question parlementaire N°3779 vum Här Deputéierten Gast Gibéryen

Wéi den honorablen Deputéierten et richtëgerweis festgestalt huet, gëtt den „champ d'application" vum SAS Kollektivvertrag vun de Sozialpartner am Kollektivvertrag selwer festgehalen, a fällt an deem Kontext ënnert d'Tarifautonomie an déi sech de Minister net kann an net wéilt amëschen.

Den Aarbechtsminister ka just d'Allgemengverbindlechkeet vun engem ofgeschlossenen Kollektivvertrag initiéieren, wat och duerch d'groussherzoglech Reglement vum 28. Oktober 2017 geschitt ass, mee e kann op kee Fall de „champ d'application" ausweiden.

Op Grond vun där beschriwwener Situatioun läit et och net um Minister fir d'Dispositiounen aus dem Kollektivvertrag ze kommentéieren.